raissaient contentes, car elles parlaient tout haut et riaient à belles dents. L'assistance maussade et méfiante écoutait de toutes ses oreilles. Diable, quel drôle de langage! Ce n'était pas de l'allemand, était-ce du français? — Soudain, quelqu'un lança: « *Luxemburger Pack, umgesiedelte Deutschenhasser!* » Dès lors on était fixé, et chacun de reculer devant ce rebut, pour éviter la contagion du mal. Cependant le trajet se poursuivit à travers les rues délabrées du faubourg, tandis que, dans le silence hostile du peuple allemand, fusaient les rires insoucians de nos trois criminelles.

Un quart d'heure plus tard, ces mêmes femmes, dans les « frigots » d'une usine, étaient debout devant leur table, ramassant dans les caisses les œufs gâtés dont le contenu était destiné aux pâtisseries. Elles avaient changé leurs fourrures contre un tablier modeste, les bas de soie disparaissaient sous un pantalon de laine et, pour se garantir du froid, elles s'étaient emmitouflées de shawls, de jaquettes et de capuchons. Ainsi, pendant neuf heures, par une température de -10° , leurs mains allaient patauger dans la pourriture du jaune d'œuf.

3^o *Femmes martyres.*

Dans le cortège des femmes qui chaque jour trottaient leurs trois quarts d'heure pour arriver au travail, quelques-unes prenaient le chemin du bureau, d'autres allaient s'enfermer dans le « salon » d'une couturière. Mais la plupart s'engouffraient dans les ateliers sombres et fumeux des usines où, au fil des heures, des journées et des semaines, courbées sur l'étau, elles fabriquaient des vis, des ampoules ou des bobines. Trois étaient condamnées à bricoler du savon: travail redoutable qui consistait à pétrir une infecte matière chimique dont la poussière et l'odeur pénétrante s'imprégnaient aux habits et provoquaient des nausées.

Rentrant l'après-midi, ces femmes, défaites et courbaturées, méritaient bien de s'allonger pour une petite sieste

reposante. Hélas, il fallait vaquer aux menus besoins du ménage, boucher les trous dans les chaussures, soigner l'enfant malade, administrer une râlée au fils tapageur, préparer son petit repas au mari qui allait rentrer le soir, harassé et grognon. Et Dieu sait, si la vie fut compliquée dans la promiscuité grouillante de ce camp où se trouvaient entassés pêle-mêle, hommes, femmes, enfants, vieillards, malades et moribonds. Dans les couloirs étroits, les escaliers humides, les dortoirs bondés, on voyait les femmes opérer des miracles de patience, d'adresse et d'abnégation. J'aimerais citer des exemples, mais je n'en finirais pas. Pourtant je voudrais évoquer le souvenir de cette pauvre mère qui n'est pas revenue de là-bas, une pleurésie l'ayant emportée en moins de deux jours. Je songe à cette autre femme qui porte toujours dans ses poumons la poussière et le poison des matières chimiques. Et enfin je songe à celle qui, petite et fine, gardait, aux heures sombres, le doux sourire de ses yeux calmes et le timbre délicat de sa voix mélodieuse. Modeste, elle désirait passer inaperçue; elle se fit remarquer malgré elle par son optimisme indomptable, son humour profondément humain et sa bonté extrême. Elle fut pour nous un réconfort et un modèle. En rentrant chez elle, elle a trouvé son foyer rasé par les obus; son pauvre cœur ne s'en est pas encore remis....

4^e Le chef.

Il était le chef de cette équipe d'ouvriers qui chaque matin descendaient sous terre et remontaient le soir. On leur avait enlevé le jour, le soleil, les horizons libres, on leur avait donné en échange le renfermé des caves, la lumière brutale des phares, la blancheur funèbre des murailles. A longueur de journée, les appareils frigorifiques leur soufflaient dans la nuque l'air glacial des nuits d'hiver.

Il était le chef de ces forçats, anciens employés de bureau, journalistes, avocats, professeurs, qui par la volonté du tyran étaient venus s'échouer sur les bords de l'Elbe et qu'on avait,

pour les dresser, flanqués dans les souterrains d'une brasserie. Dès les premiers jours il s'était imposé à ces ronds-de-cuir dont les mains blanches et les épaules frêles rechignaient au rythme implacable du labeur. Les caisses chargées d'œufs, il vous les maniait avec la précision de l'acrobate, la verve du prestidigitateur, l'aisance du clown qui, en riant, réussit les tours les plus périlleux. Il chantait en travaillant, chantait à tue-tête, de sa voix rauque et dissonante, mais qui allumait une flamme dans cette tombe glaciale et mettait un sourire sur nos lèvres crispées. — Oublierons-nous jamais l'ahan des longues corvées



Guill. Groos

où les caisses, à jet continu, passaient de nos épaules dans nos mains, pour entrer dans l'immobilité rectiligne des piles!

Lorsque, le soir, la sueur froide séchait enfin sur les fronts et que, rendue de fatigue, l'équipe gisait à même le sol, on assistait au spectacle étonnant de ce chef qui trouvait encore le souffle de monter sur les caisses, d'enjamber les cimes, de s'asseoir à cheval sur un crête et de se livrer aux déhanchements effrénés d'une danse d'apaches. A ces moments-là il nous paraissait sublime de vitalité, de force et d'entrain, à ces moments-

là nous comprenions qu'il était, parmi nous, non seulement le plus fort, mais encore le meilleur.

Car il était bon et il était doux. Dans cette charpente, rude et tenace comme le cuir, battait un cœur dont la bonté était inépuisable, dans ses yeux petits et chafouins pétillaient l'humour et la tendresse. La santé à fleur de peau, la gaieté à fleur des lèvres, il maniait tout naturellement le mot qui fait rire, le mot qui déride les fronts et dissipe les soucis. Comme il était né simple et heureux, il domptait la vie que seuls les rêveurs, les poètes et les philosophes n'arriveront jamais à maîtriser. Avec lui, tout devenait clair et facile, les obstacles se diluaient dans les éclats puissants de son rire, la vie se réduisait aux petites combines, aux duperies espiègles, aux mille et une façon de se tirer d'affaire. Il nous apprenait à chiper les œufs dans les caisses, il nous initiait à l'art d'ouvrir une porte fermée à clef, il nous montrait l'usage multiple qu'on peut faire de ses poches. Aussi vit-on, sous sa direction, les intellectuels de l'équipe troquer la livrée austère du savant contre celle du gai luron, hardi et sans scrupules.

Le soir, au camp, il épluchait des légumes, pelait des pommes de terre. — On avait besoin de quelque chose, il était là pour vous aider; un enfant pleurait, il vous le remettait au rire par une grimace; une situation tournait à l'orage, il lançait la blague, fraîche et savoureuse, qui purgeait l'atmosphère.

Un jour, devant les débris d'une étagère que je n'arrivais pas à mettre sur pied, il me reluqua de son petit air narquois

et, saisissant marteau et clous, acheva en un tournemain l'ouvrage sur lequel j'avais sué sang et eau. « Ces malheureux



Jempi Martin

professeurs, dit-il enfin, avec tout le latin qu'ils ont appris, ils ne parviennent pas encore à fabriquer une pauvre étagère!»

Ainsi fut tranchée, par cet enfant du faubourg, la question des humanités.

ERNEST BISDORFF.

«Jeder wird, seinem früheren Beruf entsprechend, eingesetzt werden»



Lamb. Schaus, avocat



"L'équipe bleue"



Vict. Molitor, journaliste



A la tâche



Feierdég am Lager



Den Nikléschen zu Schreckestén



Kreschdäg



*Den Nikléschen (Grég. Gillen)
Den Ho'secker (Nic. Wilmes)*



Den Hämmlsmarsch



D'Musikanten an d'Schôf' vum Hämmlsmarsch

Biller vu Nestomitz



D'Kichen (baussen)



D'Kichen (bannen)



D'Lager 102



D'Salle à manger



"Der Umzug"



Den Nikléschen zu Nestomitz

DEUTSCHE KULTUR

IN kurzen Worten einige Angaben über verschiedene Einrichtungen in den Lagern Schreckenstein und Juppendorf.

Das Lager Schreckenstein, eine ehemalige Schule, umfaßte fünf Schlafsäle, einen Speiseraum, drei Krankenzimmer, eine Kanzlei, eine Küche, einen Keller und einen geräumigen Speicher.

In den Schlafsälen waren im Durchschnitt dreißig bis fünfunddreißig Leute, Männer, Frauen und Kinder in buntem Durcheinander, untergebracht. Die Schlafstellen bestanden aus zweistöckigen Holzgestellen mit Strohsäcken. Die älteren Personen lagen meist im untern Teil, während die Jüngeren auf dem « Juck » fürlieb nehmen mußten. Während den ersten vierzehn Tagen versuchte man in den Kleidern zu schlafen, denn man war sich ja noch ziemlich fremd. Diese Schlaferei konnte jedoch nicht ewig dauern. Man begann sich zu entkleiden und verstohlen blickte einer auf den andern. Die ersten Nächte waren wirklich interessant. Die folgenden waren es nicht minder, doch hatte man sich aber schon an das Unvermeidliche gewöhnt. Zwei meiner Nachbarn entpuppten sich als Holzfäller. Andere sprachen laut und erzählten die wunderlichsten Dinge. Gegen Mitternacht ging das Nachtwandeln los. Schuld daran war das ungesunde Trinkwasser und die verabreichte wassertreibende Nahrung. Der Mensch gewöhnt sich doch schließlich an alles. So vergingen Tage und Nächte, Wochen und Monate. Man fühlte sich als eine große Familie und alles wurde zur Selbstverständlichkeit.

Unsere Kleider, Lebensmittel und sonstige Gebrauchsgegenstände wurden in Pappschachteln und Kisten in Keller und Speicher aufbewahrt, denn Kleiderschränke kannte man nicht.

Im Kampfe gegen das Ungeziefer waren alle Vertilgungsversuche vergebens. Läuse und Flöhe waren seltener, dagegen

hätten die wohlbeleibten Wanzen uns bald buchstäblich ausgesogen. Jeden Morgen konnte man Erwachsene und kleine Kinder mit zerstochnen und geschwollenen Gesichtern sehen. In der Zeit vom 1. Februar 1943 bis 1. Mai 1944 fand eine offizielle Entwanzung mit nur wenigem Resultate statt.



„Ours Toilette“

Drei Krankenzimmer: ein solches für Frauen mit zwölf Betten und zwei mit je vier Betten für Männer und Kinder waren vorhanden. Nach der Genesung mußte jeder Kranke persönlich die Reinigungskosten der Bettwäsche bestreiten. Betreut wurden wir halbwochentlich von einem Lagerarzt und zwar recht oberflächlich. Dieser wollte jedoch nicht ins Handwerk gefuscht haben und deshalb verbot man Dr. Stoltz, welcher sich sehr viel um unsere Kranken bemühte, glattweg jede Hilfeleistung. Der allmächtige Pg. Reismüller äußerte sich: « Hier gibt's keinen Doktor Stoltz, hier gibt es bloß einen abgesiedelten Stoltz. »

Das Essen wurde in zerbäulten emaillierten Blechschüsseln verabreicht. Nach und nach ließen wir jedoch diese Schüsseln verschwinden und schafften uns Teller und Tassen an.

Im Speisesaal konnten genau sechsundneunzig Personen Platz finden. Die restlichen fünfzig Insassen hatten sich auf den Gängen häuslich niedergelassen und sich aus eigenen Mitteln Tische und Stühle verschafft.



Den Einsatzfähigen wurde von der Lagerverwaltung ihre Löhnung teilweise beschlagnahmt. Bei Verheirateten betrug der an die Verwaltung abgetretene Teil fünfzig Prozent und bei Ledigen sechsundsechzig Prozent. Die verheirateten und unverheirateten Damen in den Schichtwerken bezogen wöchentlich bei meist zehnstündiger Tagesfrohn einen Durchschnittsnettolohn von zirka fünf Mark.

Das Lager in Juppendorf hatte gegenüber dem Lager Schreckenstein Vorteile und Nachteile. Ein großer Vorteil bestand darin, daß man in dreistöckigen «wanzenfreien» Eisenbetten schlief. In einem Zimmer (5×3,5 m) schliefen durchweg zwölf bis vierzehn Personen. Der ganzen Belegschaft von neunzig Leuten standen zwei Aborte und eine Waschgelegenheit mit sechs Schüsseln zur Verfügung. Beim Anstehen waren die die ersten eben wie überall die ersten und die letzten mußten

ihre Besorgnisse auf der grünen Wiese erledigen. Späterhin wurde dann von unsern eigenen Leuten, im Schatten duftiger Sträucher, eine Musteranlage ohne Wasserspülung errichtet. «Leider» konnten wir uns dieser «Errungenschaft» nicht lange erfreuen, weil wir dem «totalen Einsatz für Führer, Volk und Vaterland» bereits anderweitig verfallen waren. Unsere Errungenschaft wäre uns auch an unsern neuen Arbeitsplätzen von Nutzen gewesen. Aber ohne sie mußten wir abgehen, denn was das Reich einmal besitzt, gibt es nicht wieder her.

Wir haben Deutschland und seine Nazikultur gesehen und wohl tausendmal wurde uns vorgesungen oder vorgebrüllt: «Der Tag für Freiheit und für Brot bricht an!»

Nazifreiheit! Nazibrot! Nazikultur! Uns ekelt das alles noch an.



JEAN PROËSS.

ENG KLENG LÖSCHTEG ÉPISOD AUS DEM LAGER

ET ass nuecht um Schreckestén an d'lager leit an de'wem schlof. Am dortoir 5 schnarcht én, ganz kräfteg a gesond. Et schéngt aus dem eck ze kommen, wo' den här professor leit, mat senger fra. Iwert hinne schle'ft hir duechter a just vrun en den dokter, seng fra an d'bo'wen.

Op émol gin d'siréne. Ké mënsh re'ert sech; den här professor schnarcht ro'eg weider. Dann he'ert é vun uewen eng erbärmlech stëmmchen «Mama!» ruffen. Alles bleiwt stëll. Am ënneschte bett dre'nt d'madame professor sech a grommelt eppes vu: schlofen. — «Ech ferten; 't ass fliegeralarm!» — Schlüzlech könnst d'äntwert: «Da komm erof.» Duerob rabbelt e stre'sak, d'better krächen e bësschen an dann ass erëm alles ro'eg. So'guer den här professor hält op mat schnarchen. E puer mol wenzelt en hin an hier, da geseit én, e kurzen abléck läng, eng täschelücht obblätzen: «Leit de' knetzel schon erëm heinidden», kno'tert en. E stët op. Bumm! ... vun der stellige ass eng këscht erofgefall. Nuergelen an opgerégt gepëspers am eck. Den här professor gët aus.

Gleich derno tuten d'siréne of an d'madame dämpft hir ängschtlech duechter nés erop.

Vun all dém geplënners ass den dokter, am bett virdrun, erweckt. De stre'sak le'szt d'kélt zevill durch; e stre'sak ass keng matrass an den dokter muss sech och hiewen. Aus senger box, de' un engem nol um bett henkt, kromt en nach eng zigarett a fixfeier ervir a schwenkt zur dir aus. Am dortoir gëtt et erëm ganz stëll. Zu déer enger fënster, de' e bësschen opstët, licht de mo'nd eran. Et muss ge'nt hallefnuecht sin.

No enger zeit könnst den dokter erëm. En ass nach ganz verblënnst vun der lücht dobauszen an täscht sech lues, am deischteren, länscht d'better virun. War de mo'nd et an der schold oder war et d'ängscht, an dat verke'ert bett vru sengem

ze geroden, an dém zwo' joffere leien? Op jiddefall, onse gudden dokter verseit sech, gët zwe' schréck ze weit a klömmt, ganz se'lero'eg, an dem här professor seng plätz.

Dén huet anzwëschentzeit seng niechtlech betruetungen zu enn gefe'ert a sicht och so' lues sei léer nés op. Der rei no fueren de' zwe' schong ënnert d'bett, da rabbelt de stre'sak. Den här professor schéngt ower dé richtege léer net ze fannen; e röffelt onro'eg hin an hier. Op émol gët d'gedold em aus: «Donnerwieder, wat brauch de' knetzel vill plätz!» E mengt natirlech, seng duechter le'g nach ëmmer tèschent him a senger fra. Et le'szt ower kén sech ste'eren. Wirklech schon so' halwer am schlof, muss en sengem noper iwer de kapp gefuer sin, well gleich drob he'ert én e pësperen: «Wat hues du well struppeg hoer!» Keng äntwert. Schlüzlech schéngt et dem dokter, an der mëtt, dach e bëssche warm ze gin; e struewart alt mat de fe'sz, fir sech me' liewensraum ze verschafen. Op émol muss e gespurt hun, dat nach én niewent em leit. Erschreckt rícht en sech op a rëselt den arme professor, dé grad erëm entschlof war: «Wat mächst dir dann hei, professor?»

Dé firt, beim klank vun déer friemer stëmm, op we' vun enger wipper gebass: «We', wat! Wo' sin ech dann? ... Donnerwieder, entschöllegt, dokter, ech muss mech versinn hun!»

Iwerdems wo' en aus dem bett klömmt, erweckt seng fra, de' niewt dem dokter leit. Si kuckt sech d'lag mol eng zeitlång verwonnert un, dann awer entfiert et er: «A wat fir en théâtre spillt dir zwe'n aler d..... dann do?»

Mat engem sätz ass och den dokter aus dem bett; den här professor war bal an d'kre'bänk gefall. Ganz opgerégt stamelt den dokter seng excusen. Den här professor ass fölleg konfus: «Wien ass dann elo eigentlech a wien sengem bett?» frët e ganz perplex, «dir lo'gt dach hei, we' ech ko'm!» — Den

dokter täscht ronderëm sech, e schénge senger sâch och net me' sécher ze sin. — «Well ech hun iech nach fir onst krappegt gehalten.» — Den dokter wöllt sech ëmmer nach excuse'eren. — «Et ass net un iech sech z'entschöllegen», fiert de professor em dertëscent, «dir lo'gt jo hei, onst krappegt gesinn ech ne'eren, also' bleiwt nëmme nach eng me'glechkët, de' énzeg: meng fra leit an engem falsche bett!»

Am dortoir sin e puer leid, vun dém spektakel, wakreg gin an op émol gët d'lûcht un. An engem abléck ass d'situatio'n gekle'ert. Erlichtert gët den dokter op sei bett lass, dat

richtegt de' ke'er, a we' e grad wöllt draklammen, erwecht seng fra. «Zënter we'ne' fänks du dann ewell d'lûcht u, wanns de schlofe könnst; du ste'ers jo de ganzen dortoir?»

Onse gudden dokter schmunzt a mengt, mat engem ganz wierdegen to'n an der stömm: «Bero'eg dech, Ke't, 't ass alles gudd gângen!»

D'lûcht gët erëm aus; zur fënster lûst de mo'nd eran a lâcht iwer d'ganz gesicht.

CH. BIVER.



Les employés de l'Arbed à Schrekenstein

An Niederschlesien



Schlésesch "chaumière"



Schlésesch Baueren



Schlésesch Stre'hhaipercher



E Bauerenhaff




E Ke'hstall

An Niederschlesien



“Waldestlust”



“Im totalen Arbeitseinsatz”



“Im totalen Arbeitseinsatz”



Sie hätten eng Schlang gefang

Logis octroyé à une famille autorisée à quitter le camp



Le déménagement



L'habitation



Travaux domestiques



A la pompe



L'intérieur



La cuisine sert également de chambre à coucher

La Région



DE' DREI LESCHTER ME'NT AUS MENDER DEPORTATIO'N

DEN 22. Juli 1944 sin ech «lagerfrei» gin an zesummen mat mender Familjen op Lübchen, eng kleng Uertschaft 20 km vu Juppendorf, iwersiedelt.

Hei hu mir sechs Me'nt enner déne primitivsten Verhältnesser gehaust. We' d'Russen den Ulaf geholl hun, fir de leschte Sto'ss ze mâchen, do wo'sste mir, datt hire Wé iwer Lübchen fe'ere ge'f.

Den 20. Januar 1945, Samschdes muerges ge'nt 11 Auer, kent mei Chef bei mech a sét mir ganz obgeregt: «Herr Proëss, wir müssen uns bereit halten, die Sache steht ernst!» Ech hu gemacht, we' wann ech doriwer verwonnert wier, awer a Wirklechkët huet d'Hierz mir vu Frêd derbei gekluckst. Op eso' eng nouvelle hu mir jo gewart, zenter mir an d'Reich emgesiedelt sin.

Schon den aneren Dag gett en Treck zesummegeallt. Et sin eng zwanzeg Won vun allerhand Zorten mat allerhand Sâchen. An der Eil gett alles zesummegepackt, wat èn am mèschte brauch.

De Wanter am Osten ass hart a be's. 't fenkelt vu Kêlt. De Schne' krekelt enner de Schong an de Barometer weist minus 20 Grad. Mir huelen Proviant mat fir ve'er bis fönnef Dég. Dese Proviant bestong nemmen aus Schmieren. D'Karawann ass ferdeg a kann offueren. Den «Treckleiter» gett de Befiél. Ech tommele mech, fir ons Kannerkutsch nach hurteg un e Won unzabannen, well et wier onme'glech, eso' e Gefihr durch den he'je Schne' ze drecken. Wann och eso' Geshecker net o'ni eng gewesse Tragik sin, bleiwe mir als Letzeburger dach gudd gemutt. Mir hun am Hierz dat waremt Gefill, datt mir um Hèmwé sin.

De Wé war weit a kâl a weiss, we' de Wé no Sibirien. Weider neischt we' Schne', he'je Schne' an erem Schne'. Neischt wat d'A unze't oder erfrêe könnt. Oder dach! De' lang Kolonnen preisesch Zaldoten, de' mir ennerwé bege'nen, a nidergedreckter Stemmong a mat ganz verdresslech Gesichter. —



D'Oder am Wanter bei Lübchen

Hei an do lüssen iwer de Schne' Kadaver vu gefreckten oder erschossene Pêrd eraus. 't ass e Krichsbild. — Onsen Treck firt weider. — Vill z'iessen go'f et net, an dat, wat mir nach haten, wor hart gefruer. No zeng Dég errêche mir *Modlau*. Mir hu bis dohin 80 km zreckgeluegt. Meng Familjen an ech

haten dées «Getrecks» sat bis un den Hals. Ech gi bei den «Ortsamtsleiter», dén och zo'gleich «Treckleiter» ass, a begiere vun him e «Flüchtlingsschein», dat hêscht, ech wollt mech vun do op êge Fauscht durchschlôen.

Mat desem «Flüchtlingsschein» hate mir e Recht op ons êgen Initiativ an domat setze mir ons nach déselwegten Dag an den Zuch a fueren op *Bunzlau*.

Ons âl Schreckestêner Frenn ware net we'neg verwonnert, we' mir den 31. Januar 1945 owends ge'nt 10 Auer bei hire Baracke geland sin. Nodém mir do en anstânnege Maufel erageholl haten, konnte mir ons emol richtig ausraschten a wiermen. Mir waren erem enner ons.

Zo' Bunzlau selwer war e Gedriws an eng Wull vu Menschen a Geführer, datt de Preiss sengen Hänn kê Rot me' wosst. Vu muergens bis owends an d'Nuecht durech, vun owends bis muergens kent èn Treck hanner dém aner. Reihen o'ni Enn vu gefange Russen, Franzo'sen, Englänner asw. gi vun de Preisen aus dem Osten an d'Hierz vun Deitschland zreckgefo'ert oder zreckgedriwen. 't ass eng Schan, dat Mensche-spill.

De 7. Februar 1945 setze mir ons Rès fort. Sechs langer Stonnen setze mir an der Bunzlauer Gare, mat der Kannerkutsch, a warden op den Zuch. Vill Zich kommen un, awer a kengem énzegen ass Plâz. Alles iwerfelt a vollgestoppt we' d'Hirken an der Tonn. Mir lauere weider a mâchen et, we' mir Letzeburger et schon dohém gemach hun: Wann den Zuch nach net könt, da warde mir alt nach e bösschen!

Onst Warden brengt ons chance. Mir setzen am Zuch a fueren nach déselwegten Dag bis op *Dresden*.

Zo' Dresden ass d'Hell lass. Nemme Militär a «Flüchtlinge». Net me'glech, fir durch d'Wull ze kommen. Mir quetschen ons derdurch, fir aus der Gare eraus ze kommen a fanen, wat e Gleck, en Zemmer an engem Hôtel. An dat Gleck war «e garçon», an erem, datt dé garçon en Tschech ass an datt ech ké Preiss sin.

Meng Fra gett krank an dodurch d'Rès drei Dég ennerbrach. Dresden, die schönste Stadt Deutschlands! A Wirklechkêt hat Dresden am Ament nach kê richtigen «Terrorangriff» materliéft.

Den 11. Februar 1945. — Mir gin em d'Gare vun Dresden schnoffelen, fir Nouvelles ze fenken. Net weit vun ons eweg stoppt en Autobus. D'Leit, de' erausklammen, erzielen opgeregt, datt d'Russen schon zo' Bunzlau agereckt sin. O'ni ons lang ze bedenken, pâke mir ons siwe Sachen a verlössen nach déselwegten Owend «die schönste Stadt Deutschlands». Nemmen de'je'neg können sech e Bild vun engem Durcherné machen, de' et selwer um Gare vun Dresden erlieft hun. Èn hätt dén aner, o'ni Gewessensbess, do't geschloen, fir eng Plaz am Zuch streideg ze machen. — Ech gin en Dêl vun onsem Gepäck als «Reisegepäck» op a kre'en d'Nummer 322. — Dat war den 11. Februar 1945. — Gené zwé Joer virdrun, also den 11. Februar 1943, sin ech vu Letzeburg deportéert gin an hat als Emsiedler-Nummer och 322. — Ech betruachten et fir e glecklechen Zo'fall.

Dén aneren Dag mettes Punkt 12 Auer si mir zu *Nürnberg*. Mir hun am Zuch eng nei Gedoldspro'f iwerstanen. 14 Stonnen ausgehalen, o'ni de «klenge besoin» ze machen. Kê Wonner, wann et engem gange wier we' der Mimmchen, de' e Firzche wollt lossen an do war et e Fläppchen an de Lepp gin.

Nürnberg geseit aus we' eng Seibecken no amerikaneschem an engleschem Muster. — Mir stin an der Gare zo' Nürnberg an 't rént ewe' zerrass. D'Leit, de' an der Gare stin, spanen d'Prabbelen op. Mir emfroen ons nom nächsten Zuch fir Stuttgart. Kê Mensch wëss et. De Chef de gare vun Nürnberg sét «mit deutscher Gründlich- und Pünktlichkeit»: «Der Zug von gestern ist noch nicht eingetroffen.» Do hu mir erem d'selwegt gemâch we' démols zu Bunzlau. Mir hu gewart. Den Zuch kann all Minut ukommen. An déer Ongewesshêt hu mir stonnelang gewart a sin zugudderlescht an de Wartesall gangen.

't war struppevoll dobannen. Onst klenkt Jeannine vu fofzeng Me'nt schle'ft. Mir léen et op den Desch am Sall. Mir aner all ware steifmidd an dê fir emzetrellen. Mir konnte net me' a waren no un enger défaillance. Schon zwielef Stonnen op dêrselwegter Platz an enger Wull, engem Radau, engem Gestank! 't war net me' auszehalen.

't ass Hallefnuecht. Den Zuch fir Stuttgart läft an. Mir haten net emsoss eso' gudd ausgehalen. 't gêt alles besser, we' mir mengen. Mir kre'en eso'guer eng Setzplatz am Zuch. Knapps, datt mir d'Holz enner dem Liéder haten, do ware mir schon all entschlof. — 't ass dach nemmen an der sche'ner Dramwelt, wo' èn sei Misèr vergesst.

We' mir erwächen, ass et Muergen a mir sin zo' *Stuttgart* resp. *Bad Cannstatt*. Mir hun direkt Anschluss iwer *Ulm* bis *Friedrichshafen*. Do ukom, drei Stonnen Openthalt. Vu Friedrichshafen brengt d'Scheff ons no *Konstanz*. Hei an deser sche'ner Ge'gend schengt kê Krich ze sin. Mat der « Verdunkelung » sin de' Konstanzer och net embête'ert gin, well hei brennen bei Nuecht sämtlech Lûchten. 't ass och vleicht dodorech, datt hei a Konstanz eso'vill « Flüchtlinge » sin an och bâl grad eso'vill dêer decker Giélemännercher.

De' e'scht Nuecht hei a Konstanz gêt hart eriwer. Mir schlofen an der Gare um Buedem. — Onme'glech, e Bett ze fannen.

't ass Fliegeralarm. E preisesche « Schupo » kent mat engem gro'sse schwarzen Hond an de Wartesall an dreift ons an den Ennerstand. D'Kannerkutsch gêt och mat. Onse Ferny ass eso' do'tmidd, datt hién sech iwerhapt neischt heivun erenere kann. E schle'ft, we' mir an den Ennerstand gin — e schle'ft, we' mir aus dem Ennerstand zreckkommen — e schle'ft, we' mir hién erem op den Dill léen — e schle'ft bis an de spe'de Muergen eran a wëss emol net, datt Alarm war.

De 15. Februar 1945. — Mir gin op eng Wunneng lass a fannen zo' *Wollmatingen*, 5 km vu Konstanz eweg, e klenkt

Zemmer, o'ni Uewen. D'Leit selwer si richtig Nazien. Hei ass eises Bleiwes kêt. Mir sin op den Hotelkascht ugewisen. 't gi klenkt Portio'nen a mir gin me' we' émol mam hongrege Bauch schlofen.

No allerhand Gelêfs a Gerenns fannen ech, no engem Mo'nt, en Zemmer mat Kachgeléenhêt. Mir verhamstere Klêder a soss Gedengens, wat mir entbiere konnten, a kre'en derfir Gromperen, Äppel, Miéhl an och nawell Èer. Domat hate mir Liéwes. Brennes si mir eis an de Besch siche gangen. 't ass e ruckelzegt Liéwen, dat Zigeinerliéwen.

Wann dat Be'st och me' lang ze dauere schengt we' dat Sche'nt, alles gêt eriwer. De 25. Abrel 1945 recken d'Franzo'sen a Konstanz eran. Mir sin de' énzeg als Letzeburger, de' et gewot hun, hell eweg an der Fenster ze stoen, affen a frei onsen daperen Befreier merci zo'zewenken. Mir si glecklech, erle'st ze sin, a nach me' glecklech, ons erle'st ze fillen. D'Preisen hun sech all durch d'Bascht gemâch. Kê Schoss ass gefall. — Desen Dag ass dé sche'nste bis haut a menger Deportatio'n.

Dagsdrop gin ech bei de franse'sche Stadtkommandant a froen un, fir durch d'Schweiz erem hèm ze kommen. Op Grond vu franse'scher Politesse a Gentillesse passe'ere mir den 1. Mè 1945 d'Schweizer Grenz bei *Kreuzlingen*. Hei bleiwe mir nach ve'er Dég an engem Lager, passe'eren d'Visite médicale a gin och « entlaust ». — De 5. Mè gêt et weider bis *St. Gallen*, wo' mir eng Nuecht mat dausenden Rapatrie'erten aus alle Länner an enger Scho'l ennerkommen. De' Schweizer Birger hun d'Flüchtlinge richtig verwinnt. Zigaretten, Biscuitten, Bonbons an Äppel fle'en nemmen eso' an de Scho'lhaff eran. E gro'sse Merci déne brave Schweizer.

Dagsiwer kent en Zuch un mat rapatrie'ert Franzo'sen. E Convoi gett zesummegeat mat Hollänner, Belscher, Franzo'sen an och ve'rzeng Letzeburger, an dem Zuch ugehangen. Eso' fuere mir och mat an engem Steck bis op *Genève*, wo' mir

vun enger Delegatio'n vum franse'sche Ro'de Kreiz empfangen. 't ass e le'we Moment. Ons Frae kre'en e klenge Cadeau iwerrêcht. — No en etlech Minutte gêt et weider a si ge'nt 9 Auer zo' Annemasse am Frankreich. Fir d'zwêt passe'ere mir do eng Visite médicale — fir d'zwêt gi mir do entlaust. Duerno kritt jidfer Prisonne'er oder Deporté'erten de Pâk: Prisonnier de guerre — mat 5 kg Liéwensmettel. 't ass owends 8 Auer, bis all Formalite'ten erliédegt sin. — Em Hallefnuecht firt den Zuch, enner de Kläng vun der «Marseillaise», of. Mir fueren iwer *Lyon*, *Dijon* bis *Reims*, wo' mir de 9. Mê em 4 Auer muergens ukommen. — No der Passkontroll fe'eren d'Franzo'sen ons an den Centre d'accueil. Mir raschten eng Weil, wäschen ons a kre'en e «menu complet». — Kredjeft! 't fängt èn erem un, e Mensch ze gin.

Em 10 Auer setze mir ons an de Schnellzuch Paris-Letzeburg. Em 3 Auer si mir zu *Lonkeg*. 't spirt èn d'Hémecht eso' noh! D'Revisio'n an der Douane zo' *Lonkeg* verläft o'ni Hud-del. D'Franzo'se ware le'f a frentlech a sin ons an alle Stecker mat Frêden entge'ntkomm. Hinne gebirt onse gro'sse Merci.

Nach e Spronk, et soll dé leschte sin! Also', an d'Hänn gespaut a mat engem Sâz setze mir zo' *Rodange* um Gare.

Mir hun d'Leit bekuckt, mir hun d'Heiser bekuckt, mir hun d'Emge'gend bekuckt a mir hun an den Himmel gekuckt. An dér Bands wollten de' Letzeburger Douaniers parforce kucken, wat an onse Koffer wier, fir ze verzollen. Ech verziélen déne Paraphereider, datt ech mat menger Familjen aus der Deportatio'n kommen, wo' mir 27 Me'nt fir d'«Hémecht» gesiëss hätten, an hätt weider neischt a menge Koffer we' de' âl Klêder, de' ech viru 27 Me'nt matgeholl hat. — «Dat gêt ons neischt un», sêt do é vun déne Männercher, «mir sin hei d'Gare-frontière an dir musst d'Douane passe'eren!» — Ech sin dann bei de Chef gangen a glecklecherweis war dén Hér me' verstänneg an huet Uweisong gin, meng Bagagen nês an den Zuch ze brengen. D'Loft war schon eppes me' wotelech.

Mir knechele weider bis op *Letzeburg-Gare*. Wat e Gleck an eng Gellecht, entlech, no eso' engem lange Streck, nês letzeburger Buedem enner de Fe'ss ze hun — entlech erem an der Hémecht ze sin!

Letzeburg, Letzeburg!

D'Kette si gesprengt. De Ro'de Le'w lâcht, a mir lâchen all mat.

JEAN PROËSS.

Liste des déportés luxembourgeois des camps de Schreckenstein et Nestomitz

N°	Nom de la famille	Nombre des personnes	Profession	Domicile	Déporté le	Rapatrié le
a) Camp 119 Schreckenstein						
1	Braun Jean	1	commerçant	Luxembourg	29. 1. 1943	8. 5. 1945
2	Braun Jean-Pierre	1	cantonnier	Bous	"	10. 4. 1945
3	Hoffmann V ^{ve}	6	cultivateur	Gildorf	"	25. 6. 1945
4	Hurt Antoine	2	cantonnier	Biwer	"	7. 5. 1945
5	Hurt Gustave	1	cultivateur	"	"	14. 6. 1945
6	König Lucien	4	professeur	Luxembourg	"	13. 4. 1945
7	List Jean-Pierre	4	entrepreneur	Eschweiler	"	12. 6. 1945
8	Mehlen Pierre	4	cultivateur	Biwer	"	14. 6. 1945
9	Mischel Jean	1	"	Consdorf	"	28. 4. 1945
10	Mischel Jules	3	"	Beaufort	"	16. 10. 1944
11	Mischel Mathias	2	hôtelier	"	"	1. 5. 1945
12	Peffler Jean	6	cultivateur	Burglinster	"	12. 4. 1945
13	Sabus Nicolas	4	commerçant	Wasserbillig	"	25. 6. 1945
14	Schumacher Michel	4	sommelier	Remich	"	8. 3. 1944
15	Stoltz Joseph	4	médecin	Esch/Alz.	"	25. 6. 1945
16	Weber M ^{me}	3	commerçante	Ettelbruck	"	17. 5. 1945
17	Biver Charles	2	empl. Arbed	Luxembourg	10. 2. 1943	12. 6. 1945
18	Demuth Jules	3	"	"	"	12. 6. 1945
19	Dennewald Jean	4	"	Luxembourg-Beggen	"	11. 6. 1945
20	Koster Henri	3	"	Luxembourg	"	21. 4. 1945
21	Feiereisen Guillaume	3	"	"	"	11. 6. 1945
22	Marx Ernestine	1	empl. d'Etat	"	"	10. 5. 1945
23	Reidorfer Alex	4	ing. Arbed	"	"	8. 7. 1945
24	Schmit Nicolas	3	empl. Arbed	Luxembourg-Beggen	"	10. 5. 1945
25	Schwartz Edmond	4	"	Luxembourg	"	20. 3. 1945
26	Schumacher Jean-Pierre	5	"	"	"	10. 5. 1945
27	Wagner Albert	3	"	"	"	11. 5. 1945
28	Decker Maurice	4	"	"	11. 2. 1943	30. 5. 1945
29	Decker Theodore	2	"	Luxembourg-Neudorf	"	12. 6. 1945
30	Dondelinger Louis	2	"	Luxembourg	"	12. 6. 1945
31	Dupont Hypolite	3	professeur	Grevenmacher	"	9. 5. 1945
32	Emering Gustave	4	empl. Arbed	Luxembourg	"	28. 5. 1945
33	Hurst Pierre	2	"	Luxembourg-Gasperich	"	10. 5. 1945
34	Lauth Henri	1	"	Luxembourg	"	10. 5. 1945
35	Meyer Joseph	3	"	Weimerskirch	"	27. 3. 1945
36	Meyer Emile	1	empl. d'Etat	"	"	10. 5. 1945
37	Milmeister Albert	4	empl. Arbed	Luxembourg	"	27. 4. 1945
38	Olinger Albert	3	"	"	"	13. 4. 1945
39	Proëss Jean	4	"	Luxembourg-Bonnevoie	"	9. 5. 1945
40	Reiners Pierre	2	"	Luxembourg	"	12. 6. 1945
41	Selm Gustave	1	professeur	Echternach	"	25. 6. 1945

N°	Nom de la famille	Nombre des personnes	Profession	Domicile	Déporté le	Rapatrié le
42	Arend Jacques	1	empl. postes	Luxembourg	16. 3. 1943	12. 4. 1945
43	Bisdorff Ernest	2	professeur	"	"	20. 3. 1945
44	Dansart Albert	2	empl. postes	"	"	15. 7. 1945
45	Elvinger Paul	2	avocat	"	"	18. 3. 1945
46	Federmeyer Léon	3	empl. postes	"	"	6. 7. 1945
47	Gillen Grégoire	2	empl. d'Etat	"	"	10. 5. 1945
48	Gloden Lucien	2	ingénieur	"	"	2. 5. 1945
49	Heusbourg Jean	4	empl. postes	"	"	27. 5. 1945
50	Hohengarten Nicolas	5	conseiller à la chambres des comptes	"	"	25. 6. 1945
51	Hohengarten François	2	empl. postes	"	"	30. 5. 1945
52	Kolber Nicolas	2	cultivateur	Strassen	"	25. 6. 1945
53	Martin Max	4	empl. postes	Luxembourg	"	25. 6. 1945
54	Molitor Victor	1	journaliste	"	"	12. 4. 1945
55	Moris Albert	2	empl. postes	"	"	3. 5. 1945
56	Neuman Emile	3	avocat	"	"	16. 3. 1945
57	Reiff Victor	4	aubergiste	Strassen	"	12. 6. 1945
58	Van de Bulcke René	4	empl. postes	Luxembourg-Bonnevoie	"	20. 3. 1945
59	Wilmes Nicolas	1	"	Luxembourg-Neudorf	"	12. 4. 1945

b) Camp 119^a Schreckenstein

1	Bemtgen Dominique	4	chaudronnier	Strassen	29. 3. 1943	29. 6. 1945
2	Calmus Aloyse	3	serrurier d'art	Luxembourg-Bonnevoie	"	28. 5. 1945
3	Glauden Emile	2	employé	Luxembourg	"	9. 3. 1945
4	Grethen J.-P.	2	installateur	"	"	25. 6. 1945
5	Hilbert J.-P.	3	cantonnier	Luxembourg-Hamm	"	"
6	Holz Norbert	1	chauffeur	Luxembourg-Gasperich	"	"
7	Holzheimer	4	maçon	Boxhorn	"	4. 5. 1945
8	Lutty Ed.	3	ingénieur	Luxembourg-Grund	"	30. 5. 1945
9	Luxen J.-P.	2	garagiste	Luxembourg-Hollerich	"	2. 5. 1945
10	Maas Marcel	2	chauffeur	Luxembourg	"	9. 5. 1945
11	Meyer Jos.	6	traceur	Strassen	"	25. 6. 1945
12	Perrard Nicolas	1	tapissier	Luxembourg	"	9. 5. 1945
13	Poinsignon Nic.	4	instituteur	Luxembourg-Neudorf	"	25. 6. 1945
14	Rock Jean-Bapt.	4	secrétaire synd.	Luxembourg	"	27. 6. 1945
15	Schaus Eugène	5	avocat	"	"	25. 6. 1945
16	Schlesser Nicolas	3	"	"	"	"
17	Schumacher Wal.	2	ingénieur chimiste	"	"	"
18	Thiry Ad.	3	boucher	Luxembourg-Hollerich	"	"

c) Camp 121 Nestomitz

1	Bartz Virginie	1	ménagère	Grundhof	1. 4. 1943	5. 5. 1945
2	Bauler Philippe	2	entrepreneur	Junglinster	31. 3. 1943	9. 5. 1945
3	Becker Jean	2	peintre	Ehnen	1. 4. 1943	"
4	Bendhun Arthur	4	avocat	Luxembourg	3. 2. 1943	3. 5. 1945
5	Berens Gustave	2	cultivateur	Schweich	"	12. 6. 1945

N°	Nom de la famille	Nombre des personnes	Profession	Domicile	Déporté le	Rapatrié le
6	Biever Nicolas	3	commerçant	Luxembourg	2. 2. 1943	25. 6. 1945
7	Bichel François	3	pharmacien	"	3. 2. 1943	15. 6. 1945
8	Braun Joseph	3	maçon	Bous/Remich	1. 4. 1943	25. 6. 1945
9	Breisch Nicolas	3	empl. Arbed	Luxembourg	2. 2. 1943	24. 5. 1945
10	Conter Raymond	4	empl. Columéta	Bérelange	3. 2. 1943	25. 6. 1945
11	Demuth Ad.	3	cultivateur	Consdorf	31. 3. 1943	6. 5. 1945
12	Gœdert J.-P.	8	commerçant	"	3. 3. 1943	10. 4. 1945
13	Hamman Gaspard	2	empl. Arbed	Luxembourg	3. 2. 1943	24. 6. 1945
14	Heim Servais	1	éleveur de volaille	Grundhof	1. 4. 1943	5. 5. 1945
15	Hemmer Nicolas	3	empl. postes	Luxembourg	2. 2. 1943	26. 7. 1945
16	Johann Félix	2	empl. Arbed	"	"	25. 6. 1945
17	Kayser Joseph	4	"	"	3. 2. 1943	23. 5. 1945
18	Kayser Nicolas	2	directeur P.-H.	"	2. 2. 1943	25. 6. 1945
19	Kimmes Nicolas	3	cultivateur	Berdorf	31. 3. 1943	24. 6. 1945
20	Klopp Jean	1	peintre	Remich	"	25. 6. 1945
21	Krau Nicolas	4	commerçant	Luxembourg	2. 2. 1943	"
22	Lanners Jean	2	cafetier	Trintage	31. 3. 1943	31. 5. 1945
23	Lauer Nicolas	2	propriétaire	Bous	"	19. 5. 1945
24	Lœnertz J.-P.	5	instituteur	Luxembourg	2. 2. 1943	25. 6. 1945
25	Mamer Emile	1	employé	"	23. 8. 1943	29. 8. 1945
26	Medernach Emile	2	cafetier	"	3. 2. 1943	14. 9. 1944
27	Muller Nicolas	3	pharmacien	"	"	6. 4. 1945
28	Muller Roger	2	"	"	"	26. 5. 1945
29	Neiertz Albert	2	entrepreneur transp.	Bedt-Kleinmacher	31. 3. 1943	10. 4. 1945
30	Nickels Alice	1	institutrice	Luxembourg	2. 2. 1943	25. 6. 1945
31	Pauly Albert	4	empl. postes	"	3. 2. 1943	"
32	Reuter Nicolas	2	empl. Arbed	"	2. 2. 1943	4. 6. 1945
33	Rumé Jean	4	menuisier	Beyren	30. 3. 1943	25. 6. 1945
34	Schaus Lambert	1	avocat	Luxembourg	2. 2. 1943	26. 4. 1945
35	Schmit Joseph	4	vigneron	Erpeldange	31. 3. 1943	25. 6. 1945
36	Schuler Jean	3	empl. privé	Luxembourg	2. 2. 1943	16. 6. 1945
37	Schuler Nicolas	3	cultivateur	Berdorf	31. 3. 1943	24. 6. 1945
38	Schultz Auguste	6	restaurateur	Luxembourg	3. 2. 1943	26. 4. 1945
39	Staudt Théodore	3	empl. douane	Consdorf	31. 3. 1943	25. 6. 1945
40	Stecker Michel	2	cultivateur	Heinerscheid	2. 2. 1943	5. 5. 1945
41	Steichen Raymond	2	avocat	Luxembourg	"	24. 5. 1945
42	Strasser Guill.	1	charpentier	Wasserbillig	31. 3. 1943	17. 6. 1945
43	Thill Martin	3	employé	Luxembourg	3. 2. 1943	7. 5. 1945
44	Thilmany Joseph	5	cultivateur	Bettendorf	2. 2. 1943	9. 5. 1945
45	Virte Mathias	3	empl. Arbed	Luxembourg	3. 2. 1943	21. 5. 1945
46	Wagner Adolphe	4	commerçant	"	2. 2. 1943	25. 6. 1945
47	Weber Paul	4	march. bestiaux	"	3. 2. 1943	"
48	Weiler Pierre	3	employé	"	"	24. 4. 1945
49	Welschbillig Paul	1	empl. Arbed	"	"	25. 6. 1945
50	Wirtz Albert	2	professeur de musique	Echternach	31. 3. 1943	"
51	Gross Guill.	3	empl. Arbed	Luxembourg	3. 2. 1943	26. 6. 1945
52	Olinger Jean	2	rentier	"	23. 6. 1943	2. 5. 1945
53	Steffes Jean	3	hôtelier	Betzdorf	31. 3. 1943	12. 6. 1945

PRINCIPAUX ÉVÉNEMENTS

Naissances:

Demuth Jean: le 29. 5. 1943 à ^{Aussig} Aussig, Tchéco-Slovaquie
 Proess Jeannine: le 25. 11. 1943 à ^{Aussig} Aussig, „ „
 Meyer Cécile: le 19. 7. 1944 à Guhrau, Basse-Silésie

✱

Mariage:

Anny Frantzen-Josy Meyer: le 8. 8. 1943 à Schreckenstein

✱

Appréhendés par la Gestapo, emprisonnés ou envoyés au camp de concentration:

Braun Jean: au K.Z. le 15. 5. 1943
 Federmeyer Léon: au K.Z. le 1. 4. 1943 *décédé*
 Meyer Joseph: au K.Z. le 19. 2. 1944
 Groos Guillaume: à la prison de Leitmeritz le 9. 3. 1944

Se sont enfuis du camp de Schreckenstein pour retourner au pays:

Hurt Georges: le 12. 6. 1943
 Kœnig Nic., dit Nonni: le 12. 6. 1943
 Peffer Josy: le 12. 6. 1943
 Hoffmann Nicolas: le 17. 6. 1943
 Mischel Jules: le 6. 8. 1943
 Mischel Barbe: le 6. 8. 1943
 Mischel Norbert: le 6. 8. 1943

✱

Décès:

Emering Gustave: le 18. 1. 1945 à Verviers
 Hoffmann Mathias: le 29. 9. 1944 à Aussig
 Reisdorfer Gilby: le 25. 9. 1943 à Aussig
 Rumé Nicolas: le 29. 8. 1944 à Hirschberg
 Schlessler Emile: le 5. 2. 1944 à Aussig
 M^{me} Albert Olinger: le 7. 1. 1945 à Siegen
 M^{me} Jean Steffes: le 22. 11. 1944 à Bunzlau
 M^{me} Emile Glauden: le 23. 1. 1945 à Kirchen/Sieg.

Honneur à ceux qui ont lutté pour l'idée et sont tombés pour elle !

— ITINÉRAIRE DE L'ÉDITEUR. —

